ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Privatpersounen hunn zu Lëtzebuerg d'Méiglechkeet, een Objet ënner Denkmalschutz stellen ze loossen. Si mussen eng Demande un de Kulturministär adresséieren, deen dann entscheet, ob der Ufro zougestëmmt gëtt oder net.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

1) Wéi vill esou Ufroe sinn iwwert déi lescht Joren un de Kulturministär adresséiert ginn? Wéi vill waren dat der am Schnëtt pro Joer?

2) Wéi vill Ufroe kruten eng positiv, wéi vill eng negativ Äntwert?

3) Wéi laang dauert et an der Reegel, bis eng Entscheedung getraff ass?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup

Deputéierten